Den 12.Convéniat zu Réiden/Atert vum 20.09.86
vun den Jongen aus dem RAD-Lager REHEELDE

Usprooch vum Organisateur dem Komerod Nic.HOFFMANN vun Réiden.

Här Burgermeeschter,
Dir Hären vun der Gendarmerie,
Dir Dammen vun eise Membern vun der Amicale,
Léif Komeroden aus dem RAD-Lager Rehfelde,
Léif Alleguerten.

Fir d'12.Mool zënter eiser Grënnung vun eiser Amicale hu mir beim Monument eiser verstuerwenen Komeroden geduecht,deenen 3000,déi d'Gléck net haaten fir d'Heemecht erömzegesin,an deenen weit iwert 3000,déi nom Krich bis haut un de Folgen vun de Krichsévénementer gestuerwen sin.
Fir déi 12.Kéier stousse mir mat eisem Glas un,an wënschen e gudden Verlaaf vun eisem Conveniat,an datt mir eis nach vill Jöoren ouni Verloscht vun engem Komerod erëm gesin.
Fir déi 12.Kéier tausche mir beim Banquet Erënnungen aus, gudder oder schlechter,aus enger Zeit,wou mir festgestalt hun, waat daat Wuurt " Komerod " richtég bedeit huet.
Här Burgermeeschter,
Am Num vun mengen Komeroden,an am Num vun eisen Dammen soen ech Iech en häerzleche Merci fir déi schéin Réceptioun,déi Dir eis haut offeréiert huet.Ech mengen,ech kënnt soen,datt et déi éischte Kéier ass,wou de Burgermeschter zesummen mat eis, eiser Verstuerwer gedenkt.Nach eng Kéier e grousse Merci.
Nët manner sollen des Wierder vun Merci un eis Hären aus der Gendarmerie geriicht sin.Ech kann nëmmen soen,dien Gest vun ärer Präsenz beim Monument haat eis bestëmt ergraff.
Mäin Merci gëlt ower och eisem Solist vun der Sonnerie aux Morts.Hien hat dat mëschterhaft gespilt.(Et ass iwregens den Fils aus dem Hôtel Arens,wou mir d'Iessen hun.)
Léf Alleguerten,
Mir Jongen,daat héscht,mir "Enrôlés de force"kommen haut des Daags ëmmer méi an der Vergiess.An durch all déi Convéniaten déi mir all Daag an der Zeitong gesin,hoffen mir,dat mir dach nach beim letzeburger Vollek an Erënnerung bleiwen.Mir waren e Groupe vun 84 Letzeburger an dem RAD-Lager Rehfelde,dem Gau Liegnitz an diem fréheren Schlesien.

Eise Groupe ass méi kleng gin;eng Partie huet eis ze fréi verloos,et gin der wou mir keng Adresse hun,an et gin der och,wéi bei alles,déi sech net fir eis Sâch interesséiren.Nun,mir Puer gehéiren ënnert déi 15.000 Jongen,déi durch Veruerdnung vum Gauleiter Simon vum 23.5.41 an den Reichsarbeitsdienst aberuff si gin.Déi selwécht Jooergäng 1920-1924 an och spéider 1925 an 1926 gouwen durch dem Gauleiter seng Proklamatioun vum 30.8. 1942 an d'Wehrmacht agezun.Also en Verbriechen,dat gréisst,dat d'Nazien dem letzeburger Vollek konnten undoen.Doriwer wëll ech haut keng Wonnen obréissen,ower glëft mir et,an eis Nokommen sollen daat bis an éiwigen Zéiten an der letzeburger Geschicht liesen kënnen: D'Jugend vun Letzeburg aus den Jooergäng 1920-1926 hun hirt Land vun engem Ruin bewaart.Wëll wann déi 15000 sech geweigert hätten,nët an d'Wehrmacht ze göen,dann hätt den Hitler daat wouer gemët,waat hien esou dacks gesoot huet:"Wien nëtt mat mir ass,an géint méch ass,dien get ausradéiert," mat aanere Wirder gesoot:d'letzeburger Populatioun,si wiren d'Leidensbridder vun de Judden gin,an mir wössen jo all,wat daat bedeit huet.Dann hätten nom Krich eis franséich an belge Noperen kënnen schreiwen "Il était une fois un Grand Duché de Luxembourg, oder Le peuple héroïque du Grand Duché de Luxembourg."

Et ass nëtt esou weit kom;mir hun Mamm an Papp verloss,an alles wat mir gären haaten,an sin fortgangen fir,wéi et an engem Lidd esou schéin hëscht,"datt Letzeburg net soll ënnergoen".An an dém selwéchten Lidd,daat fir eis verstuerwen Komeroden geschriwen gouw,stët en Saatz,dien och fir eis passt,déi puer dausend Jongen, déi haut nach hei sin,bâl all krank an gebrechléch:Vun dohém huet dir misst gôen,wou dir gléckléch wârt an frou",an zum Schluss heescht et am Lidd;"Léiwen Herrgott,schenk de Jongen d'éiwég Ro'h an d'Himmelsfréd.Wëll si woren all gezwongen,an enger Zeit vun Kreiz an Léd." Nun vun dohém huet dir misst goen, an si woren all gezwongen,dât hescht neischt aneres fir méch, an do konnt de Naziregim eise Jongen nach esouvill untituléiren we' si wollten,:

Mir wâren Letzeburger e'her mir fort si gângen,

Mir WârenLetzeburger am RAD an an der Wehrmacht(Vileicht nach mé ewe' virdrun)

Mir sin an bleiwen Letzeburger esou lâng mir liewen.

Vive de Conveniat 1986

Merci.

# den 12. beim NiKKi

11 hu mer der elo matt der Kopp geholl
beim NiKKi zu Reide maache mer Doze voll

chance haate mer bis elo, mer si nach all do

waat fir eng invitatioun sollet de's Keiergin
eise Prochnow solle mer nach ämool gesinn
d'Fräschenhämen hâten him demôls extra geschmaacht
waat meng der wei'hen an der Kiche gelacht
nömmen d'Hämen waren him zekleng ön der Paan
ön deKKe Bauch haat en, a richtig Fräschenaan.

wei di aaner Joer sin et der 30 gin
dem Pîr säi kranke Mô Kritt eng richtig Medezin.

Samesch des den 20. September hâlwer Fönnef.

de Robert setzt de Fenndel bei d'Kiirchemauer
d'Siren hault et as an zwousch Feier
an epör Zekonne waren d'Pomje prett
a matt 200 alör seier an den Dauler Eck

zwei Gendarme rennen aus dem Gemengenhaus
hoffentlich muss de Burgermeeschter nitt matt and Feier eraus

Eis Feier as dördurch nitt gesteiert gin
a lues a lues sin et der dun 30 gin

d'Gendarmen an der Spötzt, de B.M. a mer hannendrun
an d'Zeremoni beim Krichsmonument gung un
d, Sonnerie o moor zwä Mool hanner enääh
de Fendel hech a mer denken zrekk all matt eneen.
de Burgermeeschter a NiKKi gin eise Komerode Blummen
mer gesin se am Geescht all zesummen.
dann am Korteesch op d'Gemengentraap
geripppt, gestouss a Imer waren am Fotoapparat
d'leescht Joer hate mer 30° am Sche'd, haut 26 an der Sonn
de NiKKi KuKKt op d'Kiirchenauer, mer sin op der Stonn

an der Prezzioun zrek an den Zentrum, mer haaten Zäit
d'Me'derchen, de'i eng an d'Bouwen de'i aaner Säit
de B.M. leist Konselljhen entschölligen vrum Iewäin
wöll si setzen alle querten zu Räichel op engem Kamäin

Diir Dammen le'iw KrichsKomeroden.

an all de'ine Joeren hun ech är Geschicht stude'iert
wöll ech war nit a Russland transporte'iert
dat wat der do erliewt hut, geet nit op leng Kouhaut
et war ewer och heich Zäit daat de Hitler ausgejaut.
haalt esou zesummen, an encourajeiert än den aaner
wöll leider gin et dei vun Daag zu Daag manner
äre Komerod NiKKi huet mer vu Rehfelde geschwaat
wou der Tönne mam Kopp no önne gesaat

loose mer fiir e puer Stonnen dat alles vergiessen
on eise gudde Muselwäin geniessen. Prosst.

de NiKKi se'd dem B.M villmools merci fir de's Zi'er
op der Säit oss et documenteliert.

de Robert dankt dem B.M. a NiKKi on hat eng Neiigkeet
hen as ä StaKKriedener, ze soen ous der Ewegkeet 1797.

daat heiert een u senger grafer Sprooch
dörno huet en de Burgermeeschter opgesoot(
si sollen esou zu Re'ide viru fuerch
wöll do as nach Plaz fir Kuebem.

Dörno sin de B.M. a NiKKi mat der Rehfeldertaque geëiert gin
an all Önnerschrofte vum Fest sin dropp ze gesinn
ä Jangely's souvenir vum NiKKi fir eis d'zweet Buch
ä Sokotz Wäin a mer haaten Apperitif genuch.

d'Bicher vu Rehfelde a Gorodok si fir d'leescht bliiwen
de B.M. Köft se fir an d'Archiwen
da seier d'Önnerschröften an gölle Buch
dot war eis leescht Arbicht vum Gemengebesuch

Eise Moo war do richtig prepare'iert
elo KuKKen waat de NiKKi fir äis arrange'iert.

de NiKKi haat erömm u. Rehfelde geduecht
an äis ä Spuet op den Teller gelu'echt

mer wossen dat de NiKKi Milliarde zehlt a gudd Ka schreiwen
dat Ke'int he'in elo matt sengem Menü beweisen

we'i ä richtigen Artist huet e gemoolt a geschrîwen
we'i et schmaacht huet de Koch dörno bewiisen.

## Iesprogramm:

Genësseges fir unzefängken
Zopp aus dem Gaard fir eise Moo unzehetzen.
Sallem garne'iert, de'sin extra ous dem Meer
op Re'ide geschwomm Koum
fir de Moo ze stäipen:
e Rendsmäifelchen mat dem ne'idigen Emgereits
e Rossbiff extra bluddig an zaart
esou döhn, dönn et gesouch ä Keng schwaart.
e wiblichen Dessert
fir de'i ouni Zänn eng möll Affäär
Mummentroucht
matt eppes schneckeches aus der Kiche vum Patron
loost Iech et gudd schmaachen
se'd de NiKKi – dat si Re'idener Saachen

Flo'ol gebaaK a bezöhlt Madam NiKKi.